teunterrecht ze befaassen. Dat kënne mer jo dann an der Éducatiounskommissioun maachen, wa mer déi Resolutioun hei stëmmen.

Mir sinn eis bewosst, datt et hei net nëmmen ëm d'Aféierung vun engem Wäerteunterrecht geet, mä och ëm d'Plaz vum Reliounsunterrecht an eise Schoulen. Am Moment organiséiere mir de Reliounsunterrecht an d'Morale parallell an all eise Schoulen. Mir hunn zwou vun 28 Unitéiten duebel besat. Mir brauche vill Personal a Raimlechkeete fir eng Organisatioun, déi an eisen Ae keng Léisung fir d'Zukunft ass.

Datt bal 80% de Reliounsunterrecht wielen an net d'Morale, ass e Fait. Ob d'Motivatioun do ëmmer d'Iwwerzeegung ass, seng Kanner kathoulesch ze erzéien, oder eventuell ee gewëssene gesellschaftlechen Drock, eventuell och d'Bequeemlechkeet oder eng gewësse Portioun Schäinhellegkeet, doriwwer kënne mer gäre spekuléieren. Dat dierft eis awer net dervun ofhalen, eng Léisung ze sichen, déi am Intérêt vun eise Kanner alleguer ass. Ech mengen, eis Positioun ass bekannt. Mir si fir ee Modell vun engem Wäerteunterrecht, esou ähnlech wéi en am Projet „Neie Lycée" schonns am drëtte Joer funktionéiert. Duerfir droe mir och déi Resolutioun vun der Madame Brasseur selbstverständlech mat.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech soen dem Här Adam Merci, an als nächste Riedner ass den Här Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn als ADR deemools déi Resolutioun vun der Madame Brasseur selbstverständlech mat ënnerschriwwen, well se an der Iddi läit vun deem, wat mir als ADR zënter Joren hei an der Chamber vertrieden. De Kolleeg Alex Bodry huet virdrun hei gemengt missen ze soen, datt just seng Partei an déi Gréng an hirem Wahlprogramm eng kloer Ausso géinge maachen an aner Parteie géinge momentan an der Öffentlechkeet an a Pressekonferenzen optrieden an hätten dat net drastoen. Ech wollt just soen, datt et bei eis net am Wahlprogramm steet, mä bei eis steet et souguer am Grondsazprogramm dran.

(Interruption)

D'Trennung vu Kierch a Stat steet bei eis am Grondsazprogramm dran, Här Bodry. Da froen ech mech, Här Bodry, wat et iwwerhaapt e Wäert huet, wann d'Sozialiste sech hei dermat rühmen, datt si et an hirem Wahlprogramm hunn an emol net de Courage hunn, fir hei an der Chamber matzestëmmen, fir datt iwwerhaapt géing driwwer diskutéiert ginn.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Ech hunn ofgestëmmt.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Neen, neen. An da misst Der emol déi Resolutioun hei matstëmmen. Mä Dir hutt emol net de Courage.

Une voix.- Den Här Bodry stëppelt.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Do gesäit een also, Här President, datt zënter dem 10. Oktober, wou déi Resolutioun hei mat ënnerschriwwe ginn ass vum Här Bodry selwer, bis elo d'Sozialisten eng schéi Gehirwäsch vun der CSV musse kritt hunn, well se hunn elo misse ferme d'180-Kéier huelen. Et ass also munches an deene leschten Deeg geschitt.

Op jidde Fall, mir sinn der Meenung, datt déi Resolutioun hei esou sachlech gehalen ass, datt se iwwerhaapt näischt fixéiert an all Méiglechkeeten opléisst, fir driwwer ze diskutéieren. A wann een net emol de Courage huet, fir dat ze ënnerstëtzen, d'Bereetschaft erkläert, fir driwwer ze diskutéieren, da soll een net heihinner kommen an iergendwéi Deklaratioune maachen.

Här President, mir wäerten op jidde Fall déi Resolutioun hei stëmmen.

M. le Président.- Ech soen dem Här Gibéryen Merci. Als leschte Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Här President, och a mengem Grondsazprogramm steet d'Trennung vu Kierch a Stat.

(Hilarité)

Mä fir mech gëtt et awer och keng Alternativ dozou. Dofir ass et och esou, dass d'Relioun fir mech näischt an de Schoulen ze sichen huet, an och keng Alternativ dozou. Fir mech ass et éischter esou, wann een de Kanner an enger eegener Kannerstuff moralesch an ethesch Wäerter net ka bäibréngen - dat hunn ech nach ëmmer gesot -, da bréngt och kee Prof et fäerdeg, an d'Schoul bréngt et och net fäerdeg. Ech sinn éischter der Meenung, dass d'Schoul dofir do ass, fir d'Kanner op d'Liewe virzebereeden, op déi Erausfuerderung, déi se am Liewen erwaart. Dat wär méi wichteg, wéi elo ze versichen, hei nach Saachen ze erfannen oder bäizebréngen, déi souwisou spéider erëm esou verwäsche sinn, dass awer erëm jiddfereen dermat ka maachen, wat e wëllt.

Mä ech wëll awer zu de Froe vun der Madame Brasseur soen, ob se net weess, dass den Här Statsminister Iech haut geäntwert huet op Är Froen, an dass do jo awer e Pilotprojet leeft an engem Lycée, wou dee Wäerteunterricht do schonn ugefaange gëtt ze maachen. Esou dass ech jo awer och der Meenung sinn, dass, wann Der wierklech wëllt an déi Richtung goen, da sollt Der dat awer och emol ofwaarden an da kucken, wat sech dorausser ergëtt, an da spéider vläicht emol eng Kéier nach déi Diskussioun hei opféieren.

Mä elo an dësem Moment ass et fir mech souwisou kloer, dass dat doten näischt an de Schoule verluer huet. Dofir wäert ech dat och net stëmmen. Mä wann Der awer wierklech wëllt seriö eng Diskussioun driwwer féieren, da géing ech awer emol ofwaarden, wat hei aus deem Pilotprojet erauskënnt, an dann nach eng Kéier driwwer schwätzen.

M. le Président.- Ech soen dem Här Jaerling Merci. Wëllt nach een d'Wuert? Den Här Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, ech wollt just nach eng Kéier soen, dass den Här Bodry och a senger Ried gesot huet - an dat schéngt awer nach net ukomm ze si bei verschiddene Fraktiounen oder Gruppen -, dass den 12. November um 14.30 Auer - ech weess de Sall elo net genee, mä ee vun deene véier Säll, déi mer hunn - eng Sitzung ageruff ass vum President vun der Commission de l'Éducation nationale, fir just iwwert dat Thema ze schwätzen, dat eben hei ugeschwat ass.

D'Kommissiounen an de President vun der Kommissioun hunn an eisem Reglement d'Recht, fir hiren Ordre du jour festzeleeën. Si brauchen dofir net vun der Plénière invitéiert ze ginn. Dat ass geschitt. An ech sinn also der Meenung, dass déi Resolutioun hei iwwerflësseg ass, superfétatoire. Ech stellen den Antrag, fir se net ze stëmmen, well dat, wat dra gefrot ass, scho realiséiert ass. Wéi gesi mer aus dobaussen, wa mer hei an der Chamber eppes froen, wat schonn eigentlech realiséiert ass?

(Interruptions)

M. le Président.- Här Bausch. Här Henckes, den Här Bausch huet elo ganz eleng d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ganz kuerz just. Ech wollt dem Här Fayot just soen: De Problem, dee sech awer stellt, dat ass déi Réunioun, wou mir och begréissen, datt déi stattfënnt, wou d'LSAP d'Initiativ geholl huet, dat ass awer eng Réunioun, déi am ausserparlamentaresche Raum stattfënnt, tëschent de Parteien ënnerteneen.

(Interruptions diverses)

Jo, ech kann Iech just soen, datt ech bis elo just wousst vun enger Réunioun, wou eis Parteipresidentin och dohinner kënnt, och bei Iech.

(Interruption)

M. le Président.- Den Här Fayot nach eng Kéier.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här Bodry, sidd net esou opgereegt.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Also nach eng Kéier. Den 12. November um 14.30 Auer hei an der Chamber ass d'Commission de l'Éducation nationale mat just deem Punkt do aberuff, esou dass mir der Meenung sinn, datt déi Resolutioun iwwerflësseg ass. Dat ass alles.

M. le Président.- Madame Brasseur.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- D'Sozialiste si schéin nervös.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Här President, ech freeë mech, dass d'Commission de l'Éducation nationale dat do op den Ordre du jour gesat huet. Dat ass nom Dépôt vun der Resolutioun komm, mä mir kënne jo awer als Chamber dat nach eng Kéier all zesummen hei ënnersträichen, well dee Sujet hei ass...

(Brouhaha général)

Ech fannen, et soll een net mat esou Zwëscheriff bei dësem Sujet operéieren, well mir sinn hei an engem ganz sensibelen Thema, a wann ech kucken, dass den Här Haupert dat hei vergläicht mat enger Demande, fir e Punkt op den Ordre du jour ze setzen am Kader vun der Commission des Classes moyennes, mä do si mer wierklech an engem aneren Themegebitt. Hei si mer an engem gesellschaftspoliteschen Domän. Hei si mer an engem Domän, dee fir jiddfereen enorm vill bedeit, egal wat seng Convictioune sinn, an ech fannen, dass mer eis an aller Serenitéit sollen domat beschäftegen an net duerch Prozeduriwwerleeunge probéieren, laanscht e Vote vun dëser Motioun ze kommen.

An dofir géing ech wierklech nach eng Kéier en Appel maachen, dës Resolutioun ze stëmmen, fir d'Wichtegkeet vun dësem Sujet ze ënnersträichen.

M. le Président.- Den Här Haupert.

M. Norbert Haupert *(CSV)*.- Här President, ech wollt just soen, dass ech net déi zwou Saache matenee vergläiche wollt. Ech wollt just d'Prozedur erklären, wéi mer virgoe sollten, wa mer gären eppes op den Ordre du jour vun enger Kommissioun hätten. Da schreift een e Bréif un de Chamberspresident, de Chamberspresident gëtt e virun un den zoustännege Kommissiounspresident an deen hëlt et op den Ordre du jour vun enger vu sengen nächste Kommissiounssëtzungen. Wann dat hei méi e sensibele Projet soll sinn, da mécht dat nach keng Differenz. Soss fänke mer u fir all sensibele Projet elo hei en Débat ze féieren, well de Mëtteg ass jo elo méi iwwert de Fong debattéiert ginn ewéi iwwert d'Prozedur. Ech mengen, et war jo schonn een Débat, deen hei gefouert ginn ass.

Dee Punkt, deen hei zur Debatt steet, steet um Ordre du jour vun der nächster Sëtzung vun der zoustänneger Chamberskommissioun. Also ech bieden ëm Äert Versteesdemech; mir maachen eis wierklech lächerlech, wa mer eis elo nach eng Kéier mat eppes saiséieren, wat de toute façon schonn ugeholl ass.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Här Haupert, Dir waart ze laang Fonctionnaire ënnert dem Här Boden, mengen ech.

M. le Président.- D'Madame Flesch.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, ech wëll mech domadder begnügen, der Madame Brasseur Merci ze soen, dass si déi Resolutioun abruecht huet, well dat d'Wierkung hat, dass elo d'Majoritéitsparteie sech geflass hunn, fir de Punkt op den Ordre du jour vun der Kommissioun ze setzen.

Ech mengen, mir sollen déi Resolutioun awer stëmmen, fir ganz kloer zum Ausdrock ze bréngen, dass mer dee Punkt net nëmmen an enger Sitzung den 12. November kucke wëllen, mä dass dat e wichtege Punkt ass, mat deem dës ganz Chamber sech muss auserneesetzen. An ech wëll och dobäi bemierken, Här President, dass souguer, wa par hasard déi Resolutioun net géing gestëmmt ginn, mir eis wäerte verwenden, fir an där Fro der Majoritéit weider den Damp waarm ze maachen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Sou, nach eng Kéier den Här Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Also, ech wëll hei soen, dass ech vu kengem brauch eng Lektioun ze kréien doriwwer, wéi wichteg dat Thema hei ass. Nach eng Kéier, den Här Bodry huet jo ganz kloer gesot, dass mir am Fong geholl mat deene Grëngen déi eenzeg Partei sinn, déi zu deem Punkt och an hirem Wahlprogramm eng ganz kloer Ausso gemaach huet. Mir brauchen...

(Interruptions)

M. le Président.- Sou, elo huet ganz eleng den Här Fayot d'Wuert!

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Mir brauchen also keng Lektioun vun iergendengem ze kréien.

Ech wëll awer just soen, wann d'Madame Brasseur net d'accord ass, fir hir Resolutioun zréckzezéie virun deenen evidente Faiten, déi do leien, an déi Faiten, dat ass, dass eng Sitzung vun der Kommissioun schonn elo aberuff ass, a wa mer déi Resolutioun stëmmen, dass dann eigentlech offen Dieren agerappt ginn. Wann d'Madame Brasseur net domat d'accord ass, da sinn ech leider forcéiert, fir d'Question préalable nom Artikel 38, Paragraph 7 ze froen an d'Chamber ze froen, ob se déi Fro wëllt behandelen, «qu'il n'y a pas lieu à délibération». Ech mengen, mir hunn hei eng Resolutioun leien, mir sinn der Meenung, dass déi iwwerflësseg ass an ech froen hei ausdrécklech Artikel 38, Paragraph 7, «qu'il n'y a pas lieu à délibérer».

M. le Président.- Madame Flesch.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, ech wëll dem Här Fayot meng Bewonnerung ausdrécken. On se sort d'une difficulté de fond par un truc de procédure. Wuel gemaach!

M. le Président.- Sou, mir sinn elo hei mat enger Demande vum Här Fayot befaasst, fir laut Artikel 38, Alinea 7 driwwer ofzestëmmen, datt mer déi Resolutioun do net zur Délibératioun ginn. Ech géing proposéieren, datt mer elo zum Vote géinge procédéieren. Ech ginn dovun aus, datt de Vote électronique verlaangt ass.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Nach eng Kéier, wéi war d'Fro?

M. le Président.- Also nach eng Kéier, déi Kolleeginnen a Kolleegen, déi der Meenung sinn, datt net soll iwwert déi Resolutioun hei ofgestëmmt ginn, déi stëmme mat Jo.

Vote

Déi Demande vum Här Fayot, laut Artikel 38, Alinea 7 ass ugeholl gi mat 38 Jo-Stëmmen, bei 22 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Lucien Clement) et Michel Wolter (par Mme Martine Stein-Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel).

Ont voté non: M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Colette Flesch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Jean Huss), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Mir kommen elo zur Diskussioun iwwer en Ännerungsvirschlag vum Chamberreglement Nummer 5786. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madame Flesch an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Gibéryen.

6. 5786 - Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés

Rapport de la Commission du Règlement

M. Gast Gibéryen *(ADR), rapporteur*.- Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Reglementskommissioun proposéiert der Chamber, dräi Änneruungen un eisem Reglement virzehuelen.

Déi éischt Änneruung betrëfft den Artikel 37 iwwert d'Riedezäit. Dir wësst, datt d'Riedezäit laut Modelle festgeluecht gëtt, datt d'Presidentekonferenz déi jeeweileg Modellen eestëmmeg festleet, an am Fall, wou keng Eestëmmegkeet besteet, gëtt de Modell 4 automatesch ugewannt.

D'Reglement gesäit Groupes politiques a Sensibilités politiques vir. De Groupe politique oder Fraktioun muss mindestens aus fënnef Deputéierte bestoen. Eng Sensibilité politique ass een, sinn zwee, dräi oder véier Deputéierten.

Députés indépendants gesäit d'Reglement net vir.

Am Artikel 37 iwwert d'Riedezäit gi véier Änerunge proposéiert:

Déi éischt Änerung: Esou wéi bei de Groupes politiques proposéiert d'Reglementskommissioun, elo och bei de Sensibilités politiques eng Staffelung vun der Riedezäit am Verhältnis vun der Zuel vun de Mandater virzehuelen. De Prinzip berout dorop, datt d'Basisriedezäit vun engem Groupe politique, also fënnef Deputéierten, x ass, an d'Sensibilité politique elo esou vill Fënneftel vun där Riedezäit kritt, wéi se Deputéierten huet, mat engem Minimum vun zwou Minutten.

Déi zweet Änerung: Bei de Groupes politiques war beim Modèle de base eng Differenz virgesinn tëschent Groupes politiques bis zéng an iwwer zéng Mandater. D'Propositioun vun der Reglementskommissioun ass, dës Differenz ze sträichen an all Groupe politique déiselwecht Basisriedezäit ze ginn.

Déi drett Änerung ass, datt de Rapporteur an d'Regierung am Basismodell an am Modell 1 méi Riedezäit kréien.

Déi véiert Änerung ass:An eisem Reglement gëtt bei all Modell vun der Riedezäit des Weidere festgehalen: «sans préjudice de l'article 80 de la Constitution le temps de parole du Gouvernement est de...», an da kënnt déi jeeweileg Zäit. D'Kommissioun proposéiert, de Passage «sans préjudice de l'article 80 de la Constitution» ze sträichen. Dës Formule hätt kënnen zu falschen Interpretatioune féieren. Am Kloertext heescht dat, wann d'Presidentekonferenz elo e Modell vu Riedezäit festhält, dann ass d'Regierung an där Debatt gehalen, sech och un déi virgeschriwwe Riedezäit ze halen, esou wéi dat bis elo och an der Praxis de Fall war. Niewent där Debatt kann d'Regierung ëmmer den Artikel 80 invoquéieren, fir d'Wuert ze kréien an och esou laang ze schwätzen, wéi se wëllt.

Déi zweet Änerung betrëfft d'Rapportë vun de Kommissiounen. Mir haten an der Kommissioun doriwwer laang Diskussiounen an et ass majoritär eng Propositioun festgehale ginn, ob Berichter vun de Kommissiounen öffentlech sinn oder net. Den Artikel 22 iwwert d'Kommissioun a sengem Alinea 7 hält fest: «Les travaux parlementaires en commission sont non publics, à moins que la commission ou la Chambre n'en décide autrement.» Un dësem Prinzip wëllt d'Reglementskommissioun festhalen, fir datt och an Zukunft an de Kommissiounen iwwer alles ka geschwat ginn. Wa mer se géife public maachen, géif oder kéint villes net méi gesot ginn.

An an der Konsequenz vum Artikel 22 Alinea 7 ass et duerfir dann och logesch, datt d'Rapporten net public kënne sinn. Den Artikel 22 Alinea 8 hält fest «...une communication sur les travaux de la commission peut être faite par le responsable de la communication de la Chambre des Députés, suivant les modalités arrêtées par le Bureau». An d'Reglementskommissioun proposéiert elo, dësen Tiret ze ergänzen duerch «et sous la responsabilité du président de la commission». Heiduerch soll der Kommissioun d'Méiglechkeet gi ginn, datt, obschonn de Rapport net public ass, wa se et fir néideg hält, se eng öffentlech Kommunikatioun iwwert d'Aarbechte vun der Kommissioun ka maachen. Et sief ernimmt, dass an der Logik vum Reglement de Greffe keng Rapporten no baussen däerf ginn, wa se géife gefrot ginn.

Déi drett Änerung ass den Artikel 98. Deen hält fest: «Les rapports écrits des Ministères sur l'activité de l'exercice précédent ainsi que les orientations budgétaires futures doivent être mis à la disposition de la Chambre avant le 1er mars au plus tard.» Vu datt d'Budgetsprozedur zäitlech no hanne verlagert ginn ass, an datt mer déi Orientations budgétaires also eréischt zu engem Zäitpunkt kréien, wou och schonn d'Diskussioun iwwert d'Lag vun der Natioun eriwwer ass, war d'Kommissioun domat averstanen, fir der Chamber ze proposéieren, fir aus dem Artikel 98 «orientations budgétaires» ze sträichen. D'Rapportë vun deenen Exercices précédents, déi misste selbstverständlech an Zukunft och nach weider da kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn déi dräi Propositiounen, déi d'Reglementskommissioun proposéiert, fir der Chamber hei virzeleeën, fir ze stëmmen. Dës Änerunge géifen an engem coordonnéierten Text, wa se ugeholl géife ginn, am Mémorial publizéiert ginn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Gibéryen Merci. Als éischt Riednerin ass d'Madame Colette Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Merci, Här President. Den Här Gibéryen huet elo am Detail nach eng Kéier dorop higewisen, wat déi dräi Modifikatioune sinn, déi d'Reglementskommissioun proposéiert. Ech wëll direkt soen, dass mir als Fraktioun mat där Propositioun, wéi d'Reglementskommissioun se elo gemaach huet, d'accord sinn.

Ech wollt nëmmen e puer Wuert soe wéinst engem Artikel, deen ech en Dënschdeg an enger Dageszeitung gelies hunn, ënnert dem Titel „Schaler Beigeschmack", wou mir de Kapp gewäsch kréien, dass mer ëmmer erëm géifen d'Reglement änneren.

Ech menge wierklech, dass ee sech muss d'Fro stellen, ob een net soll beim Reglement eng Kéier deen Exercice maachen, dee mer an der Verfassungskommissioun amgaange sinn ze maachen, dass mer dee ganzen Text op de Métier huelen a probéieren, ee kohärenten Text ze maachen.

Mir wëssen, dass nach aner Änerunge vum Reglement op eis zoukommen, aus nach enger ganz anerer Optik eraus wéi dat, wat mer haut diskutéieren, an ech géif mengen, dat wär vläicht eng gutt Iddi, wann een dat géif esou maachen an dann den Text am Mémorial publizéieren, an net all Kéier, wa mer dann erëm eng Änerung maachen, mussen eng Publikatioun am Mémorial maachen.

Mä, wat mech awer frappéiert huet, dat ass, dass deen Auteur vun deem Artikel net schéngt verstanen ze hunn, wat elo hei proposéiert ass, well e seet, wann e vun der ADR schwätzt, dass, net nëmmen doduerjer, dass den Här Jaerling d'ADR-Fraktioun verlooss huet, se keng Fraktioun méi ass, mä elo géif se och nach manner Riedezäit kréien.

Dat ass jo awer net de Fall! An ech muss éierlech soen, ech fannen et équitabel wann ee seet, d'Fraktiounen, déi e Minimum vu fënnef Leit mussen hunn, déi hunn esou vill Zäit, an d'Sensibilités politiques, déi hunn eng Fraktioun vun deene fënnef, au prorata vun där Zuel vu Leit, déi se sinn.

Et schéngt mir richteg ze soen, wann eng Sensibilité politique véier Leit huet, dass et dann normal ass, dass se méi Riedezäit huet, wéi eng Sensibilité politique, déi nëmmen ee Member huet.

Mir wësse jo, woufir an alle Parlamenter vun der Welt et Fraktioune gëtt. Dat ass fir eng gewësse Kohesioun an d'Debatten ze brëngen an och fir beim Vote eng gewëssen - wéi soll ech soen? - Organisatioun eranzekréien.

Ech fannen et och richteg, dass d'Sensibilités politiques sollen uerdentlech traitéiert ginn an Zäit kréien, mä nach schéngt et mer richteg, dass een dem Kräfteverhältnis soll Rechnung droen. Duerfir géif ech nach eng Kéier vun eiser Fraktioun aus soen, dass mir deen Text, esou wéi en elo virläit, kënne stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen der Madame Flesch Merci. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, ech wollt den Accord vun onser Fraktioun zu dëse Modifikatioune brëngen an och dem Président-rapporteur vun der Commission du Règlement onse Merci ausschwätze fir déi exzellent Aarbecht, déi en do gemaach huet.

Erlaabt mer awer, éischter a mengem eegenen Numm, eng Remarque ze maachen oder e puer Remarquen ze maachen, iwwer een Deel vun deene Modifikatiounen - net iwwert d'Riedezäit.

Déi Remarque, déi geet aus vun engem Virfall, dee mech am Fong geholl gewonnert huet. Mir haten de leschten Dënschdeg de Moien - d'aussepolitesch an d'Europakommissioun zesumme mat der Agrarkommissioun - d'Madame Fischer Boel, Kommissärin, hei, fir iwwer hir Dossieren ze schwätzen, a mäin Erstaune war grouss, dass d'Agrarkommissioun eestëmmeg anscheinend décidéiert huet, fir dass dës Auditioun vun der Madame Fischer Boel soll a Huis clos stattfannen.

Bon, ech hu mech deem gebeugt als President vun der aussepolitescher an Europakommissioun. Ech hunn et awer komesch fonnt. Ech hunn et komesch fonnt an enger Zäit, wou awer wierklech d'Fro vun der Transparenz an der Öffentlechkeet vun Administratiounen an öffentlechen Institutiounen ufänkt, ëmmer méi pertinent ze ginn.

Hannendrun, hannert deem, wat mir elo maachen, schwätze mer iwwert de Projet 5645 «sur la réutilisation des informations du secteur public». Ech weess, dass dat net den Accès dozou ass, mä do steet an deem Rapport - ech hunn dee gelies: «...une législation générale sur l'accès aux documents du secteur public est actuellement en cours d'élaboration». Ech hunn nach ni eppes dovunner héieren. Et ass dat Éischt, wat ech dovunner héieren, an ech huele jo un, dass d'Chamber och als en Deel vum Secteur public ugesi gëtt, esou dass d'Chamber sech sécher och muss Gedanke maachen iwwert dat, wat dann den Accès zu esou Dokumenter ass.

Ech kommen dann op deen eigentleche Punkt, dee mech am Reglement am Fong geholl dozou bruecht huet, fir hei Stellung ze huelen. Et handelt sech ëm d'Kommissiounen an ëm d'Öffentlechkeet oder d'Netöffentlechkeet vun de Kommissiounen an de Procès-verbaux vun de Kommissiounssitzungen.

Dir wësst, dass de Mouvement écologique eng Interventioun gemaach huet, d'Commission du Règlement domat befaasst huet, fir dass d'Procès-verbaux vun de Sitzunge vun de Kommissioune sollten öffentlech sinn, an ech hunn dann emol e bësse méi genee nach gekuckt, wat dann elo an eisem Reglement ass.

Mir hunn elo an eisem Reglement Artikel 21 Paragraph 7 stoen, d'Travaux vun de Kommissioune sinn non public. Si sinn non public, mä et gëtt gesot, dass awer déi Travaux och kënnen opgemaach ginn. Si kënnen also public sinn oder non public.

Da steet eppes iwwert d'Procès-verbaux dran, wat mech och stutzeg gemaach huet. Et gëtt e Projet de procès-verbal gemaach vum Sekretariat, an da steet an eisem Reglement, Artikel 21 Paragraph 8: «...doit être approuvé au début de la prochaine réunion» vun där Kommissioun, a bis dohinner ass de Projet de procès-verbal «n'est accessible qu'aux seuls membres de la commission...».

Dann hunn ech mer d'Fro gestallt: A wat ass dann duerno? Doriwwer gëtt näischt am Reglement gesot. Sinn déi Procès-verbaux, wa se eng Kéier ugeholl gi si vun der Kommissioun, public oder ass et nach ëmmer Geheimsache? Ech weess et net. Ech gesinn dat net am Reglement. Ech weess awer, Här President, dass, wa Kommissiounssitzunge stattfonnt hunn an d'Journalisten ënne mat hire Mikroen an hire Kamerae stinn, dass dann alles aus deem, wat an der Kommissioun gesot gëtt, erausgeschwat gëtt.

M. le Président.- Erlaabt Der, datt den Här Goerens lech eng Fro stellt?

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Selbstverständlech.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Här Fayot, et kënnt ee vläicht eng Resolutioun hei verfaassen, fir d'Commission du Règlement domadder ze befaassen.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Gitt mer eng Chance, bis ech fäerdeg sinn, Här Goerens.

(Hilarité)

An dann hu mer jo och nach, dat wollt ech och nach rappeléieren, den Artikel 22 (9) vun eisem Reglement, wou steet, dass eng Kommissioun kann décidéieren, dass Délibératioune secret sinn. Ech huele jo un, Här Goerens, dass Der net wëllt, dass, wa mer déi Commission de l'Éducation nationale iwwert de Wäerteunterrecht hunn, dass déi soll secret sinn.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Neen.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Esou dass mer also awer do an enger ganz spezifescher Situatioun sinn.

(Interruption)

Héchstwahrscheinlech gëtt de Secret des délibérations prononcéiert, wann et wierklech delikat Saache sinn, perséinlech Geschichten an esou weider.

An da gëtt an deem Fall och nach kee Procès-verbal iwwerhaapt gemaach, wat ech jo och komesch fannen, dass dann iwwerhaapt keng Trace vun enger Sitzung ass. Just déi puer Remarquen, fir ze soen: Perséinlech hat ech - a meng Fraktioun hat mer doranner gefollegt -, an der viregter Legislatur eng Demande gemaach, fir d'Reglement ze änneren, fir d'Kommissiounssitzunge prinzipiell öffentlech ze maachen a fir dann och natierlech de Procès-verbal public ze maachen.

An ech bedaueren et - dat ass mäin Haaptmessage -, dass dës Chamber nach net op deem Punkt ass, fir déi Öffentlechkeet an déi Transparenz mat hiren Aarbechten ze maachen, déi mer och vu villen aneren Institutioune verlaangen, vun der Regierung, an déi och an Europa, vun der Kommissioun a vu villen aneren Institutioune gefrot gëtt.

Ech géing mer wënschen, dass mer hei an dëser Chamber lues a lues zu enger neier Positioun kéimen, fir méi op ze sinn no baussen, och an eisen dagdeeglechen Aarbechten, well dat Argument, wat ech dann ëmmer héieren, dass dat net méiglech wär, well da kéinte mer jo net esou fräi ënner eis diskutéieren, dat Argument halen ech net fir pertinent. Ech war zéng Joer an engem Parlament, wou all Kommissiounssitzung öffentlech war, wou d'Press dobäi war, wou Assistenten, Attachéen dobäi waren a wou ganz hefteg diskutéiert ginn ass. Also, mäi Wonsch wär, trotzdeem ech dat hei unhuelen, dass dës Chamber géing ufänken e bëssen eng Evolutioun ze maachen zu méi Öffentlechkeet.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Ech soen dem Här Fayot Merci an als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech kann et an deem doten Domän kuerz maachen, well mir ware jo effektiv befaasst mat engem Bréif, wat d'Öffentlechkeet ubelaangt, virun allem wat d'Veröffentleche vun de Procès-verbaux ubelaangt. Meng Fraktioun vertrëtt zu honnert Prozent dem Här Fayot seng perséinlech Meenung hei. Déi Meenung schéngt jo net vu senger ganzer Fraktioun gedeelt ze ginn, leider, a mir hoffen, datt mer et awer eis nach eng Kéier iwwerleeën an zumindest deelweis Ouverturë fäerdeg brëngen an deem dote Beräich.

(Interruptions)

Här President, ech weess net esou richteg...

M. le Président.- Ech bieden drëm, dem Här Bausch nozelauschteren.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Da kommen ech léiwer vläicht erop, well ech mengen, et huet ee méi Autoritéit, wann een uewe steet.

M. le Président.- Här Bausch, schwätzt Dir virun.

Une voix.- Dir hutt déi vun iwwerall, Här Bausch.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Heiansdo huet een d'Impressioun net, wann ech heibannen ëm mech kucken.

Bon, also wéi gesot, meng Fraktioun ënnerstëtzt absolut dem Här Fayot seng perséinlech Meenung a mir hoffen, datt mer awer nach eng Kéier op deen do Wee kommen.

Ech wollt just vun der Geleeënheet profitéieren, Här President, fir dann am Sënn, wéi den Här Goerens virdru gesot huet, déi nächst Commission du Règlement mat enger neier Saach ze befaassen, fir hinnen direkt nach en Optrag ze ginn, an zwar datt mer géingen am Artikel 38 bei de Questions préalables de Punkt 7 sträiche loossen, well ech muss lech soen, also fir datt d'Chamber soll décidéieren iwwer - wéi mer dat virdrun hei gemaach hunn - eng Resolutioun oder Motioun, egal wat fir eng, datt et ass, déi fënnef Ënnerschrëften huet, dat ass jo schonn eng Hürd, déi mer gesat hunn, datt een net hei egal wat kann zur Ofstëmmung brëngen, datt dann och nach duerno hei kann eng Majoritéit décidéieren, datt déi net dierf zur Ofstëmmung kommen, dat, muss ech soen, dat spottet jiddfer demokrateschem Verständnis an dat misst och an deem Sënn, wéi den Här Fayot elo grad hei dat gesot huet, a sengem offenen demokratesche Geescht Verständnis fannen.

An duerfir wäert meng Fraktioun, Här President, en Amendement erabréngen, datt deen Artikel 38 an deem Sënn ëmgeännert gëtt an dee Punkt 7 do, deen nach, mengen ech, vun enger verstëbstener parlamentaresch Zäit hier staamt, erausgestrach gëtt.

Merci.

M. le Président.- Als leschte Riedner huet den Här Jaerling d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Merci, Här President. Och Félicitatiounen dem Här Rapporteur fir säin explizite Rapport. E Rapport, deen awer ganz anescht ausgesinn hätt, wa mengen Amendementer, déi ech och zu deem Chambersreglement am Haartmount 2007 eragereecht hunn, Rechnung gedroe gi wär. An dës Amendementer hu sech bezunn op d'Artikele 14, 15, 28, 41, 44, 45, 72, 85, 91 an 203 vum Chambersreglement, an dat si just déi Artikelen, opgrond vun deenen en Deputéierte muss fënnef Ënnerschrëfte virweisen, wann en eng parlamentaresch Initiativ wëllt ergräifen. An ech mengen, ech maachen dat hei jo net, fir heihinner ze kommen a Motiounen ze deponéieren, fir egal iergendwat ze maachen, mä ech hunn déi Amendementer eraginn am Sënn vu méi Demokratie.

An dat sinn och déi Artikelen, déi menger Usiicht no géint den Artikel 50 vun eiser Verfassung verstoussen, dee kloer seet, dass dem Deputéierte keng Contrainte a kee Fraktiounszwang dierf operluecht ginn. Wann een awer fënnef Ënnerschrëfte muss sammele goen, dann ass dat Fraktiounszwang, an dann ass dat eng Contrainte, also manifestement verfassungswiddreg.

An déi vir zitéiert Artikele verstoussen awer net nëmme géint d'Verfassung, mä komescherweis och nach géint den Artikel 166 vum Chambersreglement selwer, dee seet: «Les députés exercent leur mandat de façon indépendante. Ils ne peuvent être liés par des instructions ni recevoir de mandats impératifs.» Wou ass dann d'Indépendance vum Deputéierten, wann en net eleng däerf eng Initiativ areechen? Ass d'Obligatioun, fënnef Ënnerschrëften sammelen ze mussen, kee Mandat impératif, deen d'Indépendance vum Deputéierte violéiert?

An duerfir, Här President, wëll ech déi Amendementer, déi ech an der Kommissioun eragereecht hunn, dann hei och nach eng Kéier deponéieren, fir dass all Deputéierten dovu Kenntnis kritt an net nëmmen d'Reglementskommissioun vun der Chamber. A fir dass am Respekt vum Artikel 50 vun eiser Verfassung an am Respekt vum Artikel 166 vum Chambersreglement déi Amendementer an Ännerunge vum Chambersreglement mat integréiert ginn. Well et kann net sinn, dass eng Chamberskommissioun eleng décidéiert, wat der Chamber als Ännerung am Chambersreglement virgeluecht gëtt. D'Deputéierte mussen iwwer all Elementer kënnen décidéieren, also och iwwert déi Amendementer, well eenzeg an eleng d'Chamber ass souverän a muss hir Entscheedungen am Respekt vun der Verfassung an am Respekt vun hirem eegene Reglement awer och hei treffen.

Ech soen lech Merci.

Amendements

Article 14.- (2) Nouveau texte:

Pour être reconnu, un groupe politique doit être représenté dans chaque circonscription ou comprendre au moins cinq membres.

Article 15.- (2) Nouveau texte:

Les députés qui ne sont affiliés à aucun groupe politique ou technique sont invités à participer aux travaux de la Conférence des Présidents dans le cas où celle-ci est appelée à émettre son avis sur des projets d'arrêtés, de règlements ou de détermination du modèle de temps de parole concernant les projets de loi. Les sensibilités politiques pourront y déléguer un observateur.

Article 28.- (7) Nouveau texte:

Sont à considérer comme groupes politiques en vue de la composition de la Conférence des Présidents les groupements politiques conformément à l'article 14, paragraphe 2, du présent règlement, et comme groupes techniques les groupements comprenant au moins cinq membres, conformément à l'article 15.

Article 41.- (2) et (3) sont abolis.

Article 44.- (2) Nouveau texte:

Le vote sur l'ensemble des lois a toujours lieu par appel nominal. Dans les autres cas, la Chambre peut exprimer son opinion par main levée, à moins que un membre ne demande le vote par appel nominal.

Article 45.- Nouveau texte:

La division est de droit, lorsqu'elle est demandée. L'auteur de la demande doit préciser les parties sur lesquelles il demande des votes séparés.

Article 72.- (1) Nouveau texte:

Les amendements sont rédigés par écrit et remis au Président. Ils sont distribués aux membres de la Chambre.

Article 85.- (2) Nouveau texte:

Les motions et résolutions sont rédigées par écrit et remises au Président de la Chambre. Elles sont distribuées aux membres de la Chambre.

Article 91.- (1) Nouveau texte:

La Chambre peut organiser, à l'initiative d'un député, un débat d'orientation sur un sujet d'intérêt général. À cette fin, elle peut charger une commission d'élaborer un rapport détaillé sur le sujet en question.

Le député qui propose l'organisation d'un débat d'orientation fait connaître au Président l'objet du débat par une déclaration écrite dans laquelle il spécifie les éléments faisant l'objet du débat.

Article 203.- (1) Nouveau texte:

La Chambre peut, en tout temps, procéder à la révision générale ou partielle du Règlement, sur la proposition d'un de ses membres, qui précisera par écrit les points à réviser.

Article 203.- (2) Nouveau texte:

La proposition est transmise à la Conférence des Présidents, qui en saisit la Commission de Règlement. La Commission de Règlement remet au vote de la Chambre les articles à réviser.

(s) Aly Jaerling.

M. le Président.- Ech soen dem Här Jaerling Merci. Den Här Jaerling huet hei eng Rei vun Amendementer eraginn, déi awer leider net vu fënnef Deputéierten ënnerschriwwe sinn, wéi den Artikel 203 dat am Moment virgesäit. Déi Propositioun kann awer nëmmen an deem Fall un d'Conférence des Présidents virugoen. Ech géing also den Här Jaerling bieden ze kucken, datt hien nach véier Ënnerschrëfte kritt, an da gi mer déi Amendementer virun un d'Conférence des Présidents.

Elo komme mer awer zur Ofstëmmung. Den Här Jaerling huet d'Wuert nach eng Kéier.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Ech mengen, et war mer jo kloer, wat elo hei géing geschéien. Dat ass jo dat typescht Beispill vun der Demokratie, wéi se hei herrscht. Dat heescht, d'Chamber gëtt net d'Méiglechkeet, fir hei iwwer eppes ze diskutéieren, wat manifestement verfassungswiddreg ass.

Also, hei huet keen de Courage, fir driwwer ze diskutéieren, ob dat doten am Respekt vum Artikel 50 vun der Verfassung ass oder net. Ech bedaueren dat an ech wëll lech awer da kloer soen, dass ech hei net ophalen, dass ech dann op d'Verfassungsgeriicht ginn, a wann et muss sinn op d'Cour des droits de l'Homme, well ech loosse mer awer hei meng Rechter net op déi Aart a Weis do huelen, an et sinn nach anerer heibannen, deenen hir Rechter op déi gläich Aart a Weis doduerch violéiert ginn an déi hätte vläicht och Grond gehat, fir meng Amendementer hei ze ënnerstëtzen, dass och an hirem Sënn hei zumindest doriwwer diskutéiert gi wär.

Ech mengen, d'Demokratie ass nach ëmmer d'Diktatur vun der Majoritéit. Ech mengen, dat hu mer jo virdru bei der Resolutioun och gesinn, mä trotzdeem misst zumindest virdru kënnen driwwer diskutéiert ginn, an dat gëtt mer hei verwiert an dat bedaueren ech.

M. le Président.- Här Jaerling, ech maachen lech eng Propos. Ech ginn déi Amendementer virun un d'Conférence des Présidents, déi dann doriwwer tranchéiert, ob déi iwwerhaapt recevabel sinn oder net.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert den Ännerungsvirschlag 5786. Den Text steet am Document parlementaire 5786[1].

Vote

D'Reglement ass ugeholl gi mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Lucien Clement) et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roger Negri), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);

M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Als nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Question avec débat Nummer 25 vum Här Claude Adam iwwert d'Affektatioun vun de Sitë vum Kulturjoer 2007. Den Auteur vun der Questioun huet fënnef Minutten Zäit fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro virzedroen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

7. Question avec débat N°25 de M. Claude Adam relative au concept concernant les sites et bâtiments transformés en lieux de rencontre culturels dans le cadre de l'année culturelle 2007

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn zu Lëtzebuerg an deene leschte Joren eng ganz Rei ganz grouss kulturell Infrastrukture kritt. Als Beispiller nennen ech just d'Philharmonie, de Mudam, d'Renovatioun vum groussen Theater. Mir bidden an dësen Haiser ee Programm un, wou mer grouss international a renomméiert Künstler invitéieren. Mir investéiere vill Suen an eis Infrastrukturen a mir hunn Erfolleg. Dat ass och gutt esou. Dat steet engem räiche Land, dat seng Ressourcë virun allem enger floréierender Bankeplaz ze verdanken huet, gutt zu Gesiicht.

Mir kritiséieren dat net an dat ass och net de Sujet vu menger Fro vun haut.

Mir hunn zu Lëtzebuerg mëttlerweil och eng ganz Rei vun dezentrale Kulturhaiser. Ech wëll se net all opzielen. Ech nennen der exemplaresch just dräi, well se mir am nootste stinn: d'Mierscher Kulturhaus, de CAPe zu Ettelbréck an de CUBE 521 zu Maarnech.

Dës Haiser hunn zum Deel keen einfache Stand, fir sech niewent dem groussen Ugebuet vu Staren an Highlighte vun deene méi groussen Haiser duerchzesetzen. Mä si hunn och eng aner Missioun. Si mussen op déi Regiounen agoen, wou se sinn. Si musse professionell de Leit entgéintkommen. Si musse sech mat Traditiounen auserneesetzen. Si musse mat de Leit aus hirer Regioun zesummeschaffen. Si mussen och als Regionalhaiser zesummeschaffen.

Kultur ass eng Fräizäitbeschäftegung, awer och vill méi wéi eng Fräizäitbeschäftegung. Kultur erméiglecht, Saachen anescht ze betruechten, wéi een et gewinnt ass. Kultur ass mëttlerweil och ee wichtegen ekonomesche Facteur. Kultur schaaft Aarbechtsplazen an der Regioun an dréit zur Liewensqualitéit bäi.

Mä et geet haut och net ëm déi regional Zentren. Ech hunn déi grouss kulturell Infrastrukturen an déi regional Zentre just ugefouert, fir meng eigentlech Fro ze encadréieren.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Kulturjoer 2007, wat jo schonns elo als grousse Succès gefeiert gëtt, wat nach laang net eriwwer ass, mä nach ëmmer vun Event zu Event virurullt, dëst Kulturjoer huet zu Lëtzebuerg eng Rei vun Dynamike geschaf oder zumindest entstoe gelooss, wou mir Kultur net ëmmer musse méi oder wéineger deier a méi oder manner wäit akafe goen.

Eng Rei Siten, déi mir an d'Rei gesat hunn, ouni een Overkill vu Renovatioun duerchzezéien, hunn zu enger Entwécklung vun enger lieweger Kulturzeen bäigedroen. Eventuell kéint ee vun enger Alternativkultur schwätzen, déi nei Hoffnungen erwächt huet, déi een neie Publikum fonnt huet.

Ech kann net op all Projet agoen an en opzielen, mä fir meng Ried méi däitlech ze maachen, zielen ech e puer Beispiller op, op de Risk hin, e puer anerer wichteger ze vergiessen.

Wat geschitt zum Beispill mat der Halle des soufflantes zu Esch/Belval? Wat geschitt mat der Ausstellung „All we need", déi do gewise gëtt? Wat geschitt mam Hall Fondouq an der Diddelenger Aciérie? Wat geschitt mat der Ausstellung „Retour de Babel"? Ass dee formidabelen internationale Projet „dance palace" definitiv ofgeschloss oder lieft e virun? Wat geschitt mat engem Projet „urban lab" an der Stad?

Wat geschitt mam Bistro EXIT 07? Iwwerlieft de Restaurant „Le Cerf bleu" an de Rotonden? Wéi gesäit et iwwerhaapt mat der Zukunft vun de Rotonden aus?

Am Kulturjoer ass och eng ganz flott an effikass Jugendaarbecht am kulurelle Beräich gemaach ginn. Wat huet d'Regierung wëlles ze ënnerhuelen, fir datt dës Aarbecht eng nohalteg gëtt? Dat heescht, datt déi Efforten hei net mam Kulturjoer 2007 zu Enn ginn.

Mir mengen, datt besonnesch den Aspekt vun enger kreativer, dynamescher Kultur, deen am Kulturjoer entstanen ass, interessant ass a sech muss kënne weiderentwéckelen.

Duerfir meng Fro un d'Madame Statssekretärin: Well d'Kulturjoer jo och iwwer 2007 eraus soll weiderliewen, wéi gesäit d'Konzept vun der Regierung aus wat d'Uschafen, d'Renovatioun an déi künfteg Notzung vun ënner anerem deene Raimlechkeeten, déi ech opgezielt hunn, ugeet? Gëtt et eng Strategie vun der Regierung, wéi déi vill interessant Projeten, Ausstellungen, Aktivitéiten, déi op dëse Siten am Kader vum Kulturjoer entstane sinn, och iwwert d'Kulturjoer eraus sech kënne weiderentwéckelen?

M. le Président.- Ech soen dem Här Adam Merci. An d'Regierung huet elo d'Wuert, d'Madame Statssekretärin Octavie Modert.

Mme Octavie Modert, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den ëmmer méi groussen an ëmmer méi öffentlech geäusserten Interessi un der Industriekultur, un der Kultur iwwerhaapt an um Kulturjoer freet mech ganz staark. Ech wollt dofir awer net verpassen, eppes ze soen, an zwar, fir unzefänken, eng Net-Neiegkeet: D'Kulturjoer ass nach amgaangen. Et sinn also nach ganz vill Saachen, déi lafen. Ech freeë mech och drop, lech alleguerte während all deene ville Saachen nach ze gesinn an erëmzegesinn an ze begéinen op deene Plazen, wou déi oflafen.

Also keng Suerg, et gëtt nach vill gebueden an Dir kënnt nach ganz vill dohinner kucke kommen.

Mir hunn ëmmer gesot, d'Kulturjoer geet no 2007 souzesoen eréischt richteg un, an et ass jo kloer, datt mer eis scho Gedanke gemaach hunn doriwwer. Et ass awer och kloer, datt, soulaang wéi d'Kulturjoer amgaangen ass, mir fir d'alleréischt no deene Saache kucken, déi amgaange sinn, well et war jo och deelweis e Bewährungsjoer fir déi Saachen.

Wann also d'Kulturjoer eriwwer ass, si mer sécherlech nach besser prett, méi ze soen zu deene Froen, déi elo haut hei op der Tribun preziséiert gi sinn, déi awer virdrun net weider detailléiert dolouchen oder a guer kengem Detail.

Ech wëll trotzdeem haut op e puer Saachen agoen, wat de Claude Adam hei gesot a gefrot huet, a wou e richteg ervirsträicht, datt mer flott Plazen, flott Kulturhaiser hunn, déi een als Kulturhaiser kéint benotzen, déi elo hir Preuvë gemaach hunn, an datt mer, wéi mir et jo ëmmer gesot hunn, net wäerten nei Kulturbaute gréisserer Natur vum Stat aus u sech opriichten. D'Renovatioun vu bestehende Gebailechkeete wéi déi, déi elo opgezielt gi sinn, ass natierlech eng Fro, déi Sue kascht. Et ass awer och eng Fro, déi manner Sue kascht, wéi wann een en neit Gebai ganz opriicht. Mir sinn amgaang dorunner ze schaffen.